Préface Madame Francine Closener - Staatssekretärin fir Wirtschaft

D'Maacher Drauwen- a Wäifest ass net nëmmen en traditionelle Rendez-vous bei deem de Wäin an d'Riew an d'Vitrinn gesat ginn, ma des Manifestatioun weist donieft och, wéi enk d'Miselerland mat dësem Produit verbonnen ass. Et freet mech ëmmer nees ze gesinn, wat fir een héijen Stellewäert d'Lëtzebuerger Wäiner a Cremante bei de Miseler, an iwwerhaapt hei am Land hunn.

Nieft dem ganze spezielle Charme vum Miselerland, enger excellenter Gastronomie an international priméierte Wanderweeër huet den Oenotourismus op der Musel immens vill Potential, dat mir weider ausbauen.

D'Lëtzebuerger Crue sinn awer och iwwer d'Grenzen eraus fir hir Qualitéit appreciéiert. Eis Wäiner a Cremanten ginn international priméiert an ëmmer méi auslännesch Visiteuren kommen op d'Musel fir d'Miseler Kultur ze erliewen. Fir d'Leit aus der Grenzregioun gehéiert d'Drauwen- a Wäifest mëttlerweil zu engem feste Rendez-vous, op deem si de Miseler Flair an enger convivialer Atmosphär erliewen.

Ech felicitéieren den Organisateure vum Drauwen- a Wäifest, der Gemeng Gréiwemaacher, wéi och all deenen anere lokalen Acteuren, déi sech all Joers vill Zäit huele fir des Manifestatioun ze organiséieren.

Ech wënschen den Organisateure vill Succès bei der 69. Editioun vum Drauwen- a Wäifest an de Visiteure vill Freed bei dësem traditionelle Rendez-vous.

Francine Closener

Staatssekretärin fir Wirtschaft